



Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Félix Braz), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombara et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zu dräi Änderungsverschléi vun eise Chambersreglement. Déi ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Wuert kritt elo de Rapporteur, den Här Gibéryen.

► **Une voix.** - Très bien!

### 13. 6484 - Proposition de modification du chapitre 7 «Des pétitions» du Titre V «Procédures et dispositions particulières» du Règlement de la Chambre des Députés

### 6508 - Proposition de modification du chapitre 14 du Titre V «Procédures et dispositions particulières» du Règlement de la Chambre des Députés

### 6515 - Proposition de modification du Règlement relative à la procédure applicable aux grands projets d'infrastructure

**Rapports de la Commission du Règlement sur les propositions de modification du Rè-**

### glement de la Chambre des Députés n°6484, n°6508 et n°6515

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), *rapporteur.* - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Reglementskommissioun proposéiert der Chamber dräi Ännerunge vun eise Reglement.

Déi éischt Ännerung, déi ass vun der Petitiounskommissioun ugereegt an agereecht ginn a betrëfft den Artikel 155 iwwert, wéi et normal ass, d'Petitiounen a virun allem iwwert d'Prozedur, wann déi Petitiounskommissioun en Avis oder eng Meenung un den zoustännege Minister areecht, dee fir deen Deel vun der Petitioun zoustännege ass. Hei maache mer elo an eist Reglement eng Prozedur, déi, an hirem gréissten Deel, identesch ass, wéi mer se och bei de Questions parlementaires hunn.

Wann also e Minister vun der Petitiounskommissioun gefrot gëtt, fir opgrond vun dem Inhalt, deen an där Petitioun ass, eng Prise de position ze huelen, dann huet de Minister ee Mount Zäit, fir dorobber ze äntwerten. Mengt de Minister, hie kéint déi Äntwert am Zäitraum vun engem Mount net ginn oder formuléieren, huet en d'Méiglechkeet, fir beim Chamberspräsident en Délai supplémentaire vun engem Mount ze kréien, deen dann de Chamberspräsident em kann accordéieren. Huet en no deem Mount och nach keng Äntwert schrëftlech ginn, kann d'Petitiounskommissioun de Minister an d'Kommissioun invitéieren, wou en da mëndlech muss op déi Froen äntworten.

Deen zweeten Deel, wat d'Ännerungen ubelaangt, wat d'Petitiounen ubelaangt, ass, d'Reglementskommissioun huet sech Gedanke gemaach iwwert d'Relatioun tëschent der Petitiounskommissioun an deenen eenzelnen zoustännege Fachkommissiounen, wann eng Petitioun agereecht gëtt, déi zum Deel och ënnert d'Kompetenz géif vun enger Fachkommissioun falen.

D'Kommissioun huet duerfir proposéiert, fir datt an deem Fall, wou an enger Petitioun och e Sujet géif behandelt ginn, deen, wéi gesot, ënnert d'Kompetenz vun enger Fachkommissioun fält, dann d'Petitiounskommissioun, déi zoustännege, déi respektiv Fachkommissioun muss iwwert d'Existenz vun där Petitioun informéieren.

An zweetens kann awer och d'Petitiounskommissioun eng Prise de position bei engem Minister froen, a wa se eng Prise de position beim Minister freet, muss se déi zoustännege Fachkommissioun doriwwer informéieren, datt se

de Minister ëm eng Fro gebieden huet. Se kann och higoen an en Avis vun der zoustännege Fachkommissioun froen.

Mir wollten dat an d'Reglement och mat eraersetzen, well eben och d'Suerg war, wa Froen erakommen, déi reng an der Petitiounskommissioun waren, déi awer eng zoustännege Fachkommissioun och betreffen, datt déi zumindest misst informéiert ginn an och e Matsproocherecht hätt, fir eventuell en Avis der Petitiounskommissioun mat eranzeginn.

Dat ass déi éischt Ännerung vun eise Reglement, wéi gesot, am Zesammenhang mat de Prozedure vun der Petitiounskommissioun.

Déi zweet Ännerung ass am Fong eng ganz kleng: Do gëtt de Chapitre 14, Titel V vun eise Reglement gestrach, an zwar am Zesammenhang mat der Finanzéierung vun de Parteien am Kader vun Dépenses, déi se hu bei Chamberswahlen respektiv Europaparlamentswahlen.

An eise Reglement stoung dran, wéi d'Prozedur wier, fir datt déi Parteien do kéinten e Remboursement kréie vun engem Deel vun de Käschten, déi se bei Europa- oder Nationalwahlen haten. Dat Ganzt ass awer an d'Gesetz vun der Parteifinanzéierung vum 16. Dezember 2011 integréiert ginn, soudatt et net méi brauch an eise Chambersreglement ze stoen.

Duerfir ass déi zweet Proposition, fir dann eben deen Deel aus dem Chambersreglement ze sträichen.

Déi drëtt Ännerung, déi mer proposéieren, déi geet op eng Resolutioun zrëck vun der Chamber vum 13. Mee 2009 iwwer eng Prozedur vun de groussen Infrastrukturprojeten. Deemools huet d'Comexbu - oder Commission du Contrôle vun der Exécution budgétaire - mat deem zoustännege Minister eng Prozedur ausgeschafft, wéi an Zukunft de Minister an déi zoustännege Commissioun géifen de Suivi vu grouse Projete maachen, an dat am Zesammenhang wéi mer higaange sinn a mer hunn d'Gesetz geännert, wou de Seuil fir grouss Infrastrukturprojete vu 7,5 op 40 Milliounen erhéicht ginn ass, wou d'Regierung muss e Projet de loi virleeden.

Well do de Montant vu 7,5 op 40 Milliounen eropgaangen ass, huet d'Chamber deemools an der Resolutioun festgehalen, datt déi Prozedur soll kommen, datt och d'Regierung verpflichtet wier, d'Chamber als Contrepartie dann awer iwwer all wichtege Projet, deen zumindest iwwer zéng Milliounen geet, um Lafenden ze halen.

An dat ass déi Proposition, deen Accord, deen deemools tëschent der Comexbu an dem zoustännege Minister festgehalen ginn ass, dee kënnt dann elo an d'Reglement stoen, wou, éischters, et eng Obligatioun vum Minister ass, all sechs Méint e Bilan financier iwwert déi grouss Infrastrukturprojeten där oder deenen zoustännege Chamberskommissiounen ze presentéieren.

Den zweete Punkt doranner ass, datt all Changement important vun engem Projet, deen nom Vote vum Gesetz stattfonnt huet, muss engem neien Exame vun der Chamber ënnerleien. Am Prinzip geet dat dann an déi zoustännege Fachkommissioun, déi kuckt, wat dee Changement important ass, an dann als Commissioun ka se soen, mir ginn eisen Accord dozou. Oder wa se mengt, et wier méi important, da ka se och der Chamber proposéieren, eng Motioun ze stëmmen, a se kann esou wäit goen, datt se seet, se wier der Meenung, de Changement wier esou grouss, et misst en neit Gesetz gemaach ginn.

Mä, wéi gesot, e Changement important, dat huet elo net dermat ze dinn, wat de Finanzement vum Projet ubelaangt, mä dat ass, wat d'Ausrichtung vum Projet ubelaangt, wann do e wesentleche Changement géif kommen.

Deen drëtte Punkt an deem Accord, deen an d'Chambersreglement integréiert ass, wat festgehalen ginn ass: datt en neie Projet de loi muss kommen, wann dee votéierte Kredit méi wéi 5% dépasséiert gëtt. An deem Fall ass d'Regierung obligéiert, en neie Projet de loi ze maachen. An deem Fall, wou en Dépassement vum votéierte Kredit ass, awer net méi wéi 5% oder manner wéi 5%, da muss deen zousätzleche Kredit iwwert d'Budgetgesetz autoriséiert ginn.

Dat sinn déi dräi Propositionen, déi d'Reglementskommissioun eestëmmeg ugeholl huet an och duerfir der Chamber proposéiert, fir se haut hei ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Wëllt nach een dozou d'Wuert huelen? Wann dat net de Fall ass, géife mer iwwert déi eenzel Änderungsverschléi elo ofstëmmen. Fir d'Éischt den Änderungsverslag 6484.

### Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés n°6484

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

De Vote ass ofgeschloss.

Den Änderungsverschlach 6484 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner (par M. Alexandre Krieps);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Da kéime mer zum Änderungsverschlach 6508 iwwert d'Kapitel 14 vum Titel V.

#### Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés n°6508

Och hei geet d'Ofstëmmen un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Den Änderungsverschlach 6508 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Dee leschten Ofännerungsverschlach ass de Virschlach 6515, eng Ofännerung vun der Prozedur iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat.

#### Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés n°6515

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Och deen Änderungsverschlach 6515 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Camille Gira), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Da kéime mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Motioun, déi den honorabelen Här Fayot déposéiert huet. Den Här Fayot freet nach eng Kéier d'Wuert, fir déi Motioun nach eng Kéier ze exposéieren.

#### 14. Motion de M. Ben Fayot relative à l'intervention militaire française «Serval» et à la mission militaire de l'Union européenne EUTM Mali

##### Exposé

► **M. Ben Fayot** (LSAP), *auteur*.- Jo, Här President, ech verstinn, dass d'Kollege presséiert sinn. Ech wollt just e puer Wuert trotzdem dozou soen. Déi Motioun ass am Fong geholl entstanen och duerch ons Aktivitéit an der Commission des Affaires étrangères. Mir hunn de leschte Méindeg virun aacht Deeg vum Verdedegungsminister e Projet virgeluecht kritt, fir onsen Avis derzou ze ginn, fir een oder zwee Offizéier oder Enneroffizéier an eng Missioun vun der Europäescher Unioun am Mali ze schécken, fir do déi malesch Arméi ze trainéieren.

Dann hu mer jo och gesinn, dass d'franséisch Arméi am Mali intervenéiert ass opgrond vun enger Resolutioun vum Sécherheetsrot vun der UNO an och opgrond vun engem Bréif vun dem President vum Mali, fir eben déi Integritéit vum maleschen Territoire ze garantéieren, well, wéi Der jo wësst, islamisteschen Forcen, anerer am Norde vum Mali déi Integritéit menacéiert hunn. Dir wësst och, dass am Norde vun deem Land e relativ schlëmmen Regime agefouert ginn ass, och besonnesch géint d'Zivilpopulatioun.

Mir hunn och e Bréif kritt vum President vun der franséischer Assemblée nationale, fir e gewëssenen Appui fir Frankräich ze kréien, wat eleng do intervenéiert ass, natierlech an Ze-

summenaarbecht mat den afrikaneschen Truppen aus där Géigend.

Mir wëssen och, dass Lëtzebuerg mat dem Mali an och mat där Géigend eng extra Relatioun huet, well mer eng laang Period vu Kooperatioun mam Mali hunn, och mam Niger, mam Burkina Faso, an dass déi Leit, wa se bei ons komm sinn, gesot hunn, dass se an enger ganz schwiereger Situatioun sinn. Mir haten och virun e puer Wochen den Ausseminister vum Niger do, deen an onser Kommissioun war an deen och gesot huet, dass déi ganz Region do an der Instabilitéit dreet ënnerzegoen. An natierlech wësse mer och, dass déi Regierung ganz no bei Europa ass an dass alles, wat do geschitt, kann eng Influenz hunn op iwwerhaapt déi Fluxen och vun deene Länner no Europa.

Duerfir hu mer geduecht, et wär interessant, fir trotzdem an enger Motioun vun der Chamber, och vun alle Fraktiounen gedroen, dat auszedrénken, dass mer déi Interventioun vu Frankräich ënnerstëtzen an dass mer och hëllef mat deem, wat mer kënnen, fir an där Region fir Uerdnung a Rou a Stabilitéit am Intérêt vun der Populatioun ze suergen.

Ech wëll soen, dass déi Motioun hei och mam Ausseminister ofgeschwat ass, deen, wéi Der wësst, am Ausland ass. Dee war zu Addis Abeba op enger Geberkonferenz, dat kënnt och hei zum Virschäin an der Motioun. An natierlech sinn och déi aner Membere vun der Regierung, d'Madame Jacobs als Kooperatiounsministesch, de Verdedegungsminister vun där Motioun au courrant gesat ginn, déi also och Bescheed wëssen.

Ech wëll och soen, dass mer déi Motioun säit leschte Méindeg ënner verschiddene Kolleegen, och mat de Fraktiounen probéiert hunn opstellen. Et si Modifikatiounspropositiounen vun der CSV-Fraktioun komm, de Félix Braz huet och e groussen Apport bruecht,...

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Ben Fayot** (LSAP), *auteur*.- ...fir déi Motioun zur Satisfaktioun opstellen.

Ech géif duerfir mengen, wann Der jo och gesitt, et sinn all d'Fraktiounen, déi hei ënnerschriwwen hunn, bon, d'CSV-Fraktioun, d'DP-Fraktioun, déi gréng Fraktioun, dann natierlech och d'ADR-Fraktioun an ons Fraktioun, déi do...

► **Une voix**.- Dat ass keng Fraktioun.

► **M. Ben Fayot** (LSAP), *auteur*.- ...jo, d'ADR-Sensibilitéit, pardon, an dann d'LSAP-Fraktioun, déi dat ënnerschriwwen hunn. An ech géif lech awer duerfir bieden, fir Är Zoustëmmung zu där Motioun ze ginn.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci. Ech hunn elo zwou Wuertmeldungen, den Här Colombero an den Här Urbany.

Här Colombero.

##### Discussion générale

► **M. Jean Colombero** (Onofhängeg).- Jo, Här President, Merci fir d'Interventioun. Ech hunn ee klengen Problem mat der zweeter Säit, sechsten Tiert. Do steet geschriwwen: «...se félicitant de l'intervention française de concert avec les membres du Conseil de Sécurité de l'ONU à la demande des autorités maliennes...». Ech fannen deen Term extrem, extrem schaarf, Här Fayot. Ech fannen deen Term net gutt! Mir wäerten eis awer elo net op d'Schëller klappen, wann d'franséisch Arméi an dem Mali intervenéiert an do d'Leit, egal vu welchem Bord, ëmkommen!

Ech mengen, mir missten deen Term do änneren, an ech géif proposéieren den Term „considérant“, nämlech: «...considérant que l'action de la France au Mali...» an esou virun. Dat wär vläicht méi elegant wéi „se félicitant“, dat ass vill ze vill staark!

► **M. le Président**.- Den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech deele selbstverständlech déi Oflehnung vun de fundamentalisteschen reliéise Gruppen am Mali, déi hei an där Resolutioun, an där Motioun zum Ausdruck kënnt. Trotzdem, mengen ech, däréif een déi direkt eesäit begreissen. Et muss ee se, mengen ech, och mat enger gewësser Suerg kucken, well se och net am Kader vun der UNO stattfénnt,...

► **Une voix**.- Dach!

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- ...obschonn dat hei drasteet.

Ech hu leider net Riedezäit genuch, fir kënnen auszeféieren, firwat se net am Kader vun där UNO-Resolutioun stattfénnt, an ech mengen, si ass och onbegrenzt an der Zäit. D'Fransouse selwer setze sech keng Begrenzung, wat hiren Openhalt am Norde vu Mali ugeet.

An ech mengen, esou eng Militariséierung, déi et forcément ass vum Nordmali, ouni dass do en demokratescht Konzept fir de ganze Mali hannendrusteet - an esou e Konzept steet net hannendrun, esou e Konzept läit net vir! -, esou eng Militariséierung ka wéi an Afghanistan, wéi op anere Plazen dee ganze Konflikt an d'Längt zeien, déi opspillen am Fong geholl, déi ee wëllt bekämpfen, an dorënner leit virun allem d'Zivilbevölkerung.

An ech géif soen, d'Zivilbevölkerung leit haut schonn - leit haut schonn! - dorënner. Haut steet am „Monde“ en Artikel vum Direkter vun Human Rights Watch, dee seet: «Confrontée à un ennemi sans égard pour le droit international humanitaire, alliée à une armée coutumière des violations, soutenue par les troupes de pays voisins au bilan douteux en matière de droits de l'Homme, comment la France pourra-t-elle s'assurer que son intervention ne se traduise pas par de nouvelles souffrances pour les populations?»

Et muss een och nach, mengen ech, derbäisoen: Frankräich huet selwer zur militärescher Zouspëtzung vun deem Konflikt bäigedroen, duerch vill Facteuren, ënner anerem awer och duerch seng Waffenexporter an duerch d'militäreschen Interventioun a Libyen - ech kann dat net hei ausféieren -, och weinst senger wirtschaftlechen Interessen an där ganzer Géigend. Ëmmerhi muss ee wëssen, dass 30% vum Uran fir déi franséisch Atomkraaftwierker vun do aus där Géigend kommen, net wäit ewech. Et gëtt och do Uelechfelder an esou weider. Och huet Frankräich ëmmer nach an där Géigend Diktatoren ënnerstëtzt, fir seng wirtschaftlech Interessen do duerchzesetzen.

Ech mengen duerfir tatsächlech, dass déi Formulierung an deem Text hei, wou Frankräich félicitéiert gëtt fir déi Interventioun, dass déi falsch op der Plaz ass, mä dass ee Frankräich éischer misst kritiséieren an deem Fall, weinst senger ganzer Virgeschicht an och weinst der Aart a Weis, wéi dee Konflikt do ageleet ginn ass.

Ech kann duerfir net déi Motioun hei stëmmen!

► **M. le Président**.- Den Här Fayot kritt nach eng Kéier d'Wuert. Merci, Här Urbany.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Den Här Fayot, mengen ech, stellt mer jo eng Fro gären?

► **Une voix**.- Neen!

► **M. le Président**.- Neen, den Här Fayot wollt nach eng Kéier Positioun huelen.

Här Fayot!

► **M. Ben Fayot** (LSAP), *auteur*.- Jo, Här President, déi Awänn vum Här Colombero a vun dem Här Urbany kann ech net deelen. Ech mengen, déi Expressioun „se félicitant“ seet, mir huelen déi Aktioun vu Frankräich zur Kenntnis a mir begreisse se, well et ass ganz kloer, dass, wa Frankräich net intervenéiert wär de 17. Januar bis elo, da wär an där Géigend do Chaos ausgebrach.

##### (Interruption)

An dat wär besonnesch fir d'Zivilbevölkerung e Riseproblem gewiescht!

An ech wëll trotzdem drun erënneren, Här Urbany, Här Colombero, dass am Nordmali, do, wou islamisteschen Truppen a Bande regéiert hu während engem Joer, dass do besonnesch déi Zivilbevölkerung an enger schrecklecher Situatioun war. Do ass d'Scharia installéiert ginn an do waren d'Mënsche Fräiwëld fir déi islamisteschen Banden. An duerfir, mengen ech, kann ee ganz vill vun deem, wat hei gesot gëtt, selbstverständlech och zur Kenntnis huelen. Ech hunn dat jo alles, mir liesen dat jo alles an den Zeitungen. Mä wann do deen Abléck Frankräich mat dem Sege vun dem Conseil de Sécurité vun der UNO an op Demande vun dem President vum Mali net intervenéiert wär, da wär do wierklech de Chaos ausgebrach!

A mat allem Respekt fir déi Nuancen an déi Reserven, déi ee kann hunn, mengen ech, ass dat dat Wesentlech, dass fir déi Stabilitéit, den Zesummenhalt vun deene Länner an där Region Frankräich eppes gemaach huet. An duerfir, mengen ech, solle mer dat och kloer ausdrécken à l'adresse vun eise franséische Kolleegen an der Assemblée nationale.

Merci.

► **M. le Président**.- Sou, elo kritt den Här Félix Braz nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Zwou, dräi kuerz Remarquen! Déi éischt, Här Urbany, bei allem Verständnis, et kann een och an der rezenten Geschicht Geschichtsfälschung bedrei-